



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann ass et un dem Här Kox.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Och vun der grénger Fraktioun aus en décke Merci un d'Rapportrice fir hire méndlechen a schrëftleche Rapport, an ech gi gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kritt den Här Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools Merci, Här President. Ech fänken och u mat deem Merci, dee verdéngt ass fir d'Madamm Claudia Dall'Agnol fir dee gudden Rapport. An ech wëll och dem Här Berger direkt versécheren, datt, mengen ech, heibanne wahrscheinlech sechs Parteie sinn, déi sech der Meinung kënnen uschlëssen, datt an der digitaler Entwécklung wierklech e groussen Deel vun der ekonomescher an anerer Zukunft vum Land läit.

Wat ech am Numm vun der ADR wollt soen zu deemem Gesetzestext, ass dat hei: Mir begrëssen déi Tatsaach, datt Lëtzebuerg sech doduerch eng kleng Nisch verschaaft, datt mer jo och deen Accord iwwert déi sougenannten elektronesch Ambassade mat Estland ofgeschloss hu viru Kuerzem. Elo maache mer dat mam europäesche Patentamt an enger ganz äänlecher Form. An ech wëll do erënneren, datt d'ADR eng Motioun agereecht hat, wou mer ebe just op déi Dimensionen opmierksam maachen a proposéieren, datt mir, och well mir jo Pionéier sinn an deem Beräich, déi néideg Initiativen an deenen internationale Fora entwéckele sollten, fir dat international rechtlech am Diplomaterecht ofzesécheren, well mer och domadder eis Pionéierpositioun, eis Nischepositioun an deem do Beräich kënnen ausbauen an ënnermauern.

Leider ass dat bis elo net hei zur Diskussioun komm. Mir hoffen nach ëmmer, datt mer dat endlech an der bauseppolitescher Kommissioun kënnen eng Kéier zur Sprooch bréngen an datt mer et och nach an d'Pleniéer kréien, well et wier schued, et wier eng verpasste Chance fir eist Land, wa mer déi Entwécklung, déi mer elo ugefaangen hunn, net geifen notzen, fir eis e Stéck weider op deem Wee ze positionéieren an no vir ze bréngen.

Eng lescht Bemierkung: Et ass richtig, datt mer déi elektronesch, och déi rechtlech Säite vun deenen Accorde kucken a consideréieren, mä ech wëll just drun erënneren, datt an deenen Zäiten och nach eng ganz aner Obligatioun domat verbonnen ass, nämlech einfach déi physisch Sécherheet vun de Centres de données. Mir sinn an enger Zäit vun enger terroristescher Menace, wat mer jo all bedauern. An ech mengen, et ass ganz wichteg, datt mer eis och géint d'Cyberattaque schützen.

Ëmsou méi esou Accorde mer mam Ausland ofschlëssen, desto méi grouss gëtt déi Verantwortung, déi mir iwwerhuelen, fir Donnéeën vun internationalen Organisatiounen oder vun anere State bei eis ze stockéieren, desto méi grouss gëtt och eis Verantwortung, fir dat effikass ze schützen, an datt mer dat och dann eescht huelen, wat dorausser fir eis entsteet.

Dat gesot, stëmme mir dat Gesetz selbstverständlech mat.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Baum huet mer signaliséiert, dass hien och domat d'accord ass. An da géif ech dem Här Braz d'Wuert weidergi fir d'Regierung.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. E Merci un d'Madamm Dall'Agnol fir hire méndlechen a schrëftleche Rapport. Merci och fir déi ganz breet Zoustëmmung. Dat hei ass fir d'Regierung e ganz wichtige Projet, well e sech aschreift an eis Strategie vun „Digital Luxembourg“ oder „Digital Lëtzebuerg“. Dat ass eng Strategie mam Objektiv, fir eis à terme ze positionéieren als dat Land, wat am Beräich vum ICT déi héchst Visibilitéit an Europa soll hunn a fir dass mer e Centre d'excellence am Hightechberäich solle ginn.

Dese Projet reit sech an a schonn eng Rei vun anere Projeten, déi Der kennt, déi mer ofgeschloss hu mat der Regierung vun Estland, och mat der NATO Support and Procurement Agency an awer och mat der Europäescher Kommissioun.

Den Här Kartheiser schwätzt zu Recht vun enger Nisch, déi mer hei probéieren, ze besetzen. Ech wëll awer präziséieren, dass et eng Kompetenznisch ass, déi Lëtzebuerg hei konsequent besetzt, an dass mer hei zu Lëtzebuerg

amgaange sinn, fir vill anerer eng Vertrauensplattform opzebauen. A bei där ass dese Projet e ganz wichtegt Element.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da si mer prett, fir ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7294 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7294 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo: De Projet de loi 7294 ass mat Unanimitéit adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Martine Mergen), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen? Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kommen un de Projet de loi 7251, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Wahle fir d'Landwirtschaftskummer. An d'Wuert huet de Rapporteur, dee sech duerchkämpft, den Här Gusty Graas.

5. 7251 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Abrëll 1924 war e wichtegt Gesetz a Kraaft getrueden. Et ass nämlech ëm d'Schafe vun de Chambres professionnelles gaangen. An dat war ouni Zweifel e wesentleche Schrëtt am Fonctionnement vun der parlamentarescher Demokratie. Et war awer och e wesentleche Schrëtt an eng Valeur ajoutée fir de legislative Prozess.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Well mer musse ganz éierlech sinn: Et ass jo awer ëmmer erëm interessant, wa mer déi vill Aweise vun deenen eenzelne Chambres professionnelles kréien. An et kann een och hei roueg soen, datt dat eent oder dat aner Gesetz vläicht manner gutt ausgefall wär, wa mer net do gutt Aweise krëtt hätten.

Duerfir, mengen ech, soll een och vun dëser Geleeënheet emol eng Kéier profitéieren, fir all de Chambre-professionnellé Merci ze soe fir hir Aarbecht, déi se am Laf vun deene Jorzénge geleescht hunn.

Eng vun dëse Chambres professionnelles ass d'Landwirtschaftskummer, déi och eng wichteg Fonctioun ze erfëllen huet. Nieft dem Opdrag, fir Aweisen iwwer Gesetzer respektiv Règlement-grand-ducallen ze ginn, ass hir Haaptmissioun awer och d'Berodung vun hire Memberen. De Comité setzt sech aus véier Leit zesummen. D'Plenarversammlung setzt sech aus 19 Leit zesummen. An dierneft sinn natierlech och 19 Suppleanten an zwar 15 Baueren, 3 Wënzler an ee Gäertner.

Am November vun deem Joer hätten u sech sollen d'Wahle stattfanne fir de Renouveau vun der Chambre d'Agriculture. Ech mengen, mir alleguer heibanne wësse jo gutt, datt de 14. Oktober awer och e wichtige Da-

tum ass. Do geet et drëms, fir dës Chamber ze erneieren. An dowéinst ass dann och d'Iddi opkomm, d'Meenung opkomm, datt et vläicht net gutt wier, wa sech den Interesse vun der d'Effentlechkeet ze vill op de 14. Oktober géif fokusséieren amplaz dann awer och op d'Wahle vun deenen eenzelne Chambres professionnelles.

A wéi gesot, dunn ass dann awer d'Decisioun geholl ginn, fir u sech déi Wahle vun de Chambres professionnelles, vun der Landwirtschaftskummer an deem Fall, ze verréckelen. An zwar ginn do elo zwee Méint virgeschloe fir d'Joer 2019, an zwar de Februar an de Mäerz. Den exakten Datum wäert da vun deem neie Landwirtschaftsminister duerch en Arrêté ministériel festgesat ginn. Dës Dispositioun kritt dann iwwregens och en definitive Charakter, virun allem fir dann eben och déi Schoulvakanze kënnen ze ëmgoen. Hei geet et natierlech virun allem ëm d'Fuesvakanz an och ëm Ouschteren.

Ech wëll awer direkt hei betounen, datt d'Mandater vun deene Leit, déi de Moment an der Landwirtschaftskummer sinn, automatesch och verlängert ginn, an zwar bis zu deem Datum, wou dann déi nei Landwirtschaftskummer wäert a Kraaft trieden, dat virun allem, fir e Vide juridique ze verhënneren.

Iwwregens hu mer jo hei och schonn decidéiert, datt d'Chambre des Salariés hir Wahlen och verréckelt.

Dese Projet de loi gouf den 23. Februar 2018 vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen deposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 29. Mee ginn. An a senger Sëtzung vum 19. Juni huet d'Agrarkommissioun hire President zum Rapporteur genannt, an dee Rapport gouf dann och de 27. Juni eestëmmeg ugehall.

Et dierft och wuel wahrscheinlech keen iwwerraschen, datt d'Landwirtschaftskummer sech ganz positiv zu deem Gesetzesprojet ausgeschwat hat. A well mer der Meinung sinn, datt et awer wichteg ass, datt déi Ännerung vun den Datumen hei kënn, géif ech lech bidden, dann och deem klengen Gesetzesprojet hei zoustëmmen, a ginn natierlech och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci dem Rapporteur. An als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Martine Hansen drun.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här President. An ee grouse Merci un de Rapporteur, de Gusty Graas. Hien huet am Prinzip alles erkläert. Et ass kloer, d'Landwirtschaftskummer huet eng wichteg Roll ze spillen. An dofir sinn d'Wahle fir d'Landwirtschaftskummer och extrem wichteg. An dofir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun fir dese Projet de loi.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci der Madamm Hansen. Nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*).- Jo, Merci, Här President. Ech schlësse mech natierlech och, wat elo d'Wichtegkeet vun der Landwirtschaftskummer ubelaangt, deene Wieder un, déi d'Madamm Hansen elo grad gesot huet.

Ech gi selbstverständlech och den Accord vun der Sozialistescher Partei a soen dem Här Graas Merci fir säin explizite schrëftlechen a méndleche Rapport.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci. Den nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Wat si muss, muss sinn. Mir sinn och d'accord, fir deen Datum ze réckelen. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a Merci un de Rapporteur.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Domat si mer fäerdeg mat den Diskussiounen. Da ginn ech nach d'Wuert un de Landwirtschaftsminister. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*.- Merci, Här President. Zum Projet selwer ass alles gesot. A mir bleift dann och näischt anescht iwwreg, wéi mech deene verdéngte Mercie fir dee gudden Rapport vum Rapporteur Gusty Graas unzeshlëssen.

Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Gutt. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7251 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vott ass ofgeschloss mat Unanimitéit fir dese Projet de loi.

(Exclamations)

Dat ass selbstverständlech fir esou e wichtige Projet.

Résultat définitif: le projet de loi 7251 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Si mer d'accord, dass och den zweete Vote constitutionnel dispenséiert gëtt?

(Assentiment)

Dat ass och de Fall. Da soen ech lech Merci. An ech iwwerginn d'Wuert dem President erëm.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Villmools Merci, Här President. An da géife mer direkt zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 7291, deen d'Ennerstëtzung vum ländleche Raum betrëfft.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Deen hate mer dach elo grad eréischt?

► **Plusieurs voix**.- Neen.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Ah pardon, entschëllegt!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här President, dat war d'Landwirtschaftskummer. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

6. 7291 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Effektiv, hei handelt et sech zwar erëm eng Kéier ëm e ganz...

(Interruption)

Nach net grad!

Hei handelt et sech erëm eng Kéier ëm e ganz klengen Gesetzesprojet, mä trotzdem awer keen onwichtige. Ech wëll drop hiweisen, datt d'Zuel vun de landwirtschaftleche Betriber hei zu Lëtzebuerg leider réckleefeg ass. 2000 hate mer der 2.728, 2015 2.022. Mä et kann een awer net ignoréieren, datt et sech nach wie vor ëm e wichtige ekonomesche Secteur handelt.

An et dierf een och net vergiessen, datt et kaum e Beräich gëtt um europäeschen Niveau, dee jo esou iwwert den europäesche Budget ënnerstëtzt gëtt wéi d'Landwirtschaft. Et kann ee soen, plus ou moins 35% fléissen an d'Agrarpolitik.

Viru gutt zwee Joer, dat war den 12. Mee 2016, hu mer op dëser Plaz e ganz wichtegt Gesetz gestëmmt fir d'Ennerstëtzung vun der Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg. Dat war dat 7. Agrargesetz. An deemools war, ouni datt ech natierlech elo erëm eng Kéier alles hei rappeléieren, wat Guddes decidéiert gi war, mä virun allem awer wollt ech op ee Punkt hiweisen, dat war d'Ennerstëtzung fir déi jonk Baueren, Wënzler a Gäertner. An zwar haten déi wirtschaftlech Kritären, déi deemools virausgesat gi waren, zrëckbehalen, datt e jonke Bauer sech an Zukunft och no wirtschaftleche Konditiounen installéiere soll kënnen, dat heescht, e muss och mindestens 23 Joer al sinn a manner wéi 40.



Et war awer och eng Berodung virgesinn, wat ekonomesch an Ëmweltaspekter ubelaangt. An dee Conseil agricole ass jiddefalls och e Bestanddeel vum Entrepriséplang, deen néng Méint no der Grënnung vum Betrib muss opgestallt ginn an och spëtstens fënnef Joer duerno a Kraaft triede muss.

Bis haut ass et esou, dass just 40% Ënnerstëtzung gewäert gi fir d'Produktioun vu landwirtschaftleche Wüeren, dat ass d'Liesaat, wéi gesot, bis haut, betounen ech, vun der Kommissioun vum EU-Reglement 1305/2013. Eng Majoratioun vu 15% fir d'Transformatioun an och d'Veermaartung vu Produkter war bis elo do ausgeschloss, wann et sech ëm en Investissement vu méi wéi 150.000 Euro gehandelt huet. Ënner 150.000 Euro si mer souwisou am Regime vun Aides de l'État.

An elo huet awer d'Kommissioun déi Saach nach eng Kéier op de Leescht geholl, nach eng Kéier nogelies a kouw zu enger anerer Interpretatioun. Dat heescht u sech, dass elo déi 15% Majoratioun och an deene Fäll méiglech ass, wou den Investissement méi héich wéi 150.000 Euro ass. Dat wäert sech positiv fir jonk Leit aus dem Agrarsektor auswirken. Ech denke virun allem och u jonk Wënzer. Wat wichteg ass, hei ze betounen, dat ass, dass déi Moossnam do och elo réckwierkend applizéiert gëtt op den 1. Juli 2014.

Dann ass awer nach eng zweet Ännerung, déi mer elo virhuelen am Agrargesetz, an zwar geet et do ëm d'Distillerien. An zwar gëtt e Plaffong fir d'Aiden hei agefouert vun 200.000 Euro fir all Benefizient iwwer eng Lafdauer vun dräi Joer. Firwat? Mä aus deem ganz einfache Grond, well den Artikel 2 aus eise Gesetz vum 27. Juni 2016 hat u sech d'Distilliereprodukter als landwirtschaftlech Produkter virgesinn. An d'Europäesch Kommissioun huet dat awer e bëssen aneschters gesinn. An no engem Contrôle vun eiser Reglementatioun hu si eis och dorobber opmierksam gemaach.

Ech wëll och drop hiweisen, dass d'EU der Meenung ass, dass eng gutt Lëtzebuerger Drëpp net e landwirtschaftlecht Produkt ass. An d'Annex 1 vum Traité schléisst Spirituosen insgesamt aus. An dowéinst hu mer elo misse do awer eng Ännerung virhuelen, fir dann awer nach kënne d'Distillerien ze ënnerstëtzen. An zwar hu mer elo en neie Paragraf 4bis agesat. An zwar baséiert dee sech op d'Reglement 1407/2013 iwwert d'Aides de minimis. Wat heescht dat? Mä ganz einfach, dat sinn Aiden, déi awer och kënne accordéiert ginn. An do hu mer dann elo, wéi gesot, virgesinn, dass an enger Lafzäit vun dräi Joer awer och kënne bis zu 200.000 Euro un Ënnerstëtzung gewäert ginn. Dat ass och am Sënn vum Artikel 107 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei gouf de 24. Abrëll 2018 deposéiert. Den 19. Juni huet d'Agrarkommissioun hire President zum Rapporteur genannt. Den Avis vum Statsrot ass vum 29. Mee, ouni weider gréisser Bemierkungen. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 30. Mee ginn. Si huet drop higewisen, dass den Artikel 17 vum EU-Reglement 1305/2013 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 17. September 2013 keen Investitionsminimum géif festhalen. Bon, dat ass einfach eng Ausso, déi se do gemaach hunn, déi awer natierlech och richtig ass. An d'Chambre d'Agriculture - och hei, wéi gesot, dierft dat keng gréisser Iwwerraschung duerstellen - huet natierlech an hirem Avis dës Modifikatiounen approuvéiert.

De Rapport gouf iwwregens eestëmmeg de 27. Juni ugehall. A well et awer hei eng wichteg Moossnam ass, besonnesch am Interêt vu jonke Leit, déi sech wëllen am Agrarsektor berufflech entwëckelen, géif ech lech bieden, dësem Gesetzesprojet dann och zouzestëmme a brénge selbstverständlech och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech mengen, do ass d'Madamm Modert enger anerer Meenung, well si huet näamlech elo direkt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ursprung vun dësem Gesetz läit am Wäibau. Dat ass awer net déi eenzeg Ursach, firwat d'CSV averstanen ass mat deenen Ännerungen, déi hei am Gesetz kommen.

(Brouhaha)

Well mir natierlech och der Meenung sinn, esou wéi d'Regierung, dass d'Prioritéit, fir jonk Baueren a Wënzer ze ënnerstëtzen, fir e Betrib weiderzeféieren, extrem wichteg ass an ee vun deene groussen Uleisesse vun der Politik muss sinn. Duerfir mussen déi jonk iwwerliewensfäeg a kompetitiv Betriber kënne hunn. Dat ass

wichtig, fir Aarbechtsplazen ze schafen oder ze erhalen. An et ass och wichtig fir eng ausgeglichen territorial Entwëcklung an engem ganze Land. Dat sinn och zwee Elementer, déi ëmmer déi europäesch Agrarpolitik ganz staark eraussträicht.

Tatsächlech si vun dësen Ännerungen, déi haut am Gesetz kommen, d'Selbstvermaarter beträff, well et ëm en Investissement fir d'Transforméierung an d'Kommerzialiséierung geet iwwer 150.000 Euro, wou et bis elo net méiglech war, fir de Jonken den „top-up“ vu 15% ze ginn.

Mir begrëssen dat elo, dass déi Gläichstellung méiglech gëtt, fir déi - dat sinn haaptsächlech zwee Elementer, zwou Zorte vu Betriber, déi do beträff sinn -, déi Direktvermaartung um Haff maachen, an natierlech fir déi Wënzer, déi hire Wäi selwer ausmaachen, d'Privatwënzer also. An hei geet et ëm de Keller an d'Maschinen, fir Drauwen a Wäin am Betrib selwer ausmaachen.

Mir begrëssen dat also, mussen awer soen, dass, wat d'Direktvermaartung um Haff ugeet, et eigentlech onlogesch ass, dass elo am neie Qualitéits- oder Zertifizéierungssystem grad dës Direktvermaarter, wa se en eenzelne Bauerebetrib sinn, net bei deem System matmaache kënnen. Dat ass eigentlech net nëmme logesch (veuillez lire: net nëmme onlogesch) vis-à-vis vun dësem Gesetz, mä och kontraproduktiv zu deem System do.

Här President, ech hunn eng Fro un den Här Minister, an zwar vu dass dat hei jo eng retroaktiv Dispositioun gëtt, déi zrëckgeet op den Ufankspunkt vun der neier Finanzéierungsperiod 2014, ass meng Fro, wivill Invest am Beräich vun der Transforméierung am Betrib duerch Jonker an deene leschten dräi Joer gemaach ginn ass, souwuel am Beräich vun der Landwirtschaft wéi am Beräich vum Wäibau. Ech mengen, dat war Zuelematerial, dat mer och schonn eng Kéier gefrot haten an der Kommissioun.

Natierlech kann een och bedauern, dass net vun dësem Gesetz profitéiert ginn ass, fir méi Ännerungen am Agrargesetz ze maachen, dass just eppes gemaach ginn ass, wou d'Kommissioun elo hir Meenung dra geännert huet. Esou hätt ee kënne am prozedurale Beräich méi administrativ Vereinfachung fir de Bauer an de Wënzer hikréien. Oder, an och dat wär am Geescht vun eise Gesetz gewiescht, zum Beispill de Minimalinvest bei Maschinen erofsetze respektiv iwwerhaapt keng ënnescht Grenz asetzen. Oder d'Dispositioun vun den Ausnahmefäll bei Krankheete verbessern oder de Plaffong bei neien Aussidlerbetriber unhiewen oder de Plaffong vun dem Maschineninvest unhiewen, well deem ass haut irrealistisch déif, oder de Verbuet ophiewen, dass eng zweet Installéierung am Betrib eréischt zéng Joer nom Betribsplang méiglech ass; déi Behënnung ass am Fong net ze verstoen.

Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, weider Verbesserungen an dësem Gesetz wäeren nach besser gewiescht. Trotzdeem ass selbstverständlech d'CSV mat dësen Ännerungen elo averstanen, an der Hoffnung, dass der nach méi géife kommen. Mä ech mengen, duerfir ass et an dëser Legislatur e bëssen ze spéit.

Ech hunn nach eng lescht Fro un den Här Minister. Wat d'Brennereien ugeet - dat ass jo den éischten Artikel vun dësem Gesetz -, dat gëtt elo iwwert déi De-minimis-Regel geregelt, dass se kënne eng Bähëllef kréien, dat heescht fir déi Brennereien, déi ënnert de Régime agricole falen. Bis elo ass en Invest am Betrib ëmmer als e Ganzt gekuckt ginn. Wéi geet dat elo bei der De-minimis-Regel hei? Gëtt dat zesummege-schloen? Gëtt dat beienne consideréiert, och fir d'Berodung ze maache vun den Investissementer? Oder gëtt dat hei aneschters behandelt, well elo eng De-minimis-Regel draus ginn ass?

Dat nach eng Kéier gesot, Här President, bekräftegen ech nach eng Kéier hei den Accord vun der CSV fir dëse Gesetzesprojet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Modert. An d'Wuert huet d'Madamm Cécile Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Ech huelen et gläich viwech: D'LSAP gëtt hiren Accord zu dësem Gesetz. Et ass evident, dass mir dat selbstverständlech begrëssen, dass d'Jongbaueren och geziilt hei ënnerstëtzt ginn an dass de Spillraum, deen d'EU-Regelen hei kënne ginn, och voll ausgenutzt gëtt.

Mir fannen et och gutt, dass d'Distillerien och weiderhi kënne ënnerstëtzt ginn an dass eben dru geduecht ginn ass, fir déi Aides de minimis och do spillen ze loosse. Merci och hei dem Rapporteur. Dat war ganz explizitt, wat e gesot huet, an dofir hu mir och näischt bäizefügen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Anzia huet d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. E Merci un de Rapporteur fir den Detail vun dëser Ännerung am Gesetzestext. An och déi gréng sinn der Meenung, dass d'Jongbaueren a -wënzer mussen ënnerstëtzt ginn an dass deem „top-up“ noutwendeg ass a sënnavoll ass.

Et ass och weider sënnavoll, dass déi Berodung vum Betrib Bestand huet an dass e Betribsplang opgestallt gëtt, deen an d'Zukunft erakuckt. Wéi jo elo virdru gesot ginn ass, ginn an der gemeinsamer europäescher Politik 35% vum Budget fir d'GAP verwennt, fir déi gemeinsam Agrarpolitik. Dat ass ee groussen Deel. A mir wësse jo alleguerten, dass, ebe fir an d'Zukunft ze kucken, do wäerten Ännerungen kommen. An duerfir ass et wichteg, dass déi Betriber op eng gesond Betribsbasis gestallt ginn.

Op der Foire agricole d'lescht Woch, do war d'biologesch Landwirtschaft, d'solidaresch Landwirtschaft an och de Volet vun de Selbstan Direktvermaarter en Thema. An duerfir schéngt et eis als Gréng och wichteg, dass een an deene Filière weider Ënnerstëtzung gëtt.

Eis schéngt et och net oninteressant, grad fir déi Jonk eng Plateforme d'échange ze hu vu gudde Praxisen am Sënn vun enger Ferme modèle oder Aänlechem.

A wat och ganz kloer ass: Fir déi jonk Baueren ass et extrem schwéier, fir un Terrainen ze kommen. Dir wësst jo alleguerten, dass eng nei Filière do ass fir Geméisbaueren am Lycée technique agricole. An déi gréisste Schwierigkeet ass net d'Ausbildung vun deene Leit, mä u sech, dass déi Leit och Terraine fannen, wou se kënne dat Geméis dann duerno ubauen.

An en anere Problem, deen ech just wollt kuerz opwerfen, Här Minister, ass dee vun der Transmission d'entreprise. U sech, wann een Haff an der Famill bleift, ass dat jo eng Saach. An och dann ass et esou, dass méi Leit wäerten éischter lerve sinn an dass een da muss ee Modell fannen, wéi déi Terraine kënne bei dem Bewirtschaftler bleiwen.

A selwer hat ech ee Bekannten, e gudde Bekannten, deen iwwer fënnef Joer laang gesicht huet, fir e Repreneur ze fanne vun enger Entreprise. An duerfir och nach eng Kéier d'Fro: Wat fir Moyenen huet do de Ministère, fir u sech Baueren oder Jonken ze hëllefen, déi eng Formatoun fäerdeg hunn, fir dass déi och kënne an deem Beruff starten? Ausserhalb vun deem Invest, well dann hu se jo scho sécherlech en Accord fonnt, fir mat engem eens ze ginn, fir e Betrib opzebauen oder fir ze investéieren.

A mir ginn d'Zoustëmmung als gréng Fraktioun natierlech zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Dann huet den Här Roy Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Ech kommen dann zrëck zum Text. Och wann et nëmme zwou minimal Ännerungen sinn, si se favorabel fir de Berufsstand. An duerfir fanne se natierlech der ADR hir Zoustëmmung. Ech soen dat ëmsou léiwer als Enkel vun engem Brenner.

Selbstverständlech ass d'Veaarbechtung an d'Commercialisatioun vu landwirtschaftleche Produkter genau dee richtige Wee. An och wann dat heiten nëmme e minimale Schrëtt an déi Richtung ass, ass e begrëssenswäert. Mä do muss selbstverständlech déi nächst Regierung nach wesentlech méi ënnerhuelen. An ech sinn och sécher, dass se dat mécht.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Éischt dem Rapporteur fir seng gutt Aarbecht an allen Intervenante fir hir konstruktiv Kommentaren.

Zum Projet selwer, mengen ech, ass alles gesot. Ech si jiddefalls selwer och frou, dass mer de Jongbaueren an de Jongwënzer dës Majoratioun vum Taux d'aide op den Investitiounen am Beräich vun der Transformatioun an der Kommerzialisatioun mat engem Käschtepunkt vu méi wéi 150.000 Euro zoukomme loosse. Dat heescht, 40% plus 15% fir Investitiounen en biens immeubles fir d'Jongbaueren an d'Jongwënzer am Haaptberuff.

Ech mengen, dës ass eréischt duerch eng Weiderentwëcklung vun der Positioun vun der Kommissioun méiglech ginn.

D'Bähëllef fir Investitiounen am Beräich vun der Distillatioun sollen op ee Maximum vun 200.000 Euro pro Period vun dräi Joer limitéiert

ginn. Ech sinn der Meenung, dass mer hei eng ganz gutt Léisung fonnt hunn am Sënn vun alle Concernéierten. Dës Ännerung berout op enger Kritik vun der Europäescher Kommissioun, dass de Brantewäin net als landwirtschaftlecht Erzeugnis, also als Produit agricole gëllt. A puncto Bähëllefen dierf duerfir de Brantewäin net ënnert deeslewechte Regime fale wéi d'Produits agricoles.

Déi praktescht Léisung ass, d'Distillateuren ënnert d'De-minimis-Regelung falen ze loosse. No der europäescher Reglementatioun bedeit dat eng Aide vun 200.000 Euro pro Joresperiod (veuillez lire: pro Dräijoresperiod). An dat ass also, fir op d'Fro vun der Madamm Modert ze äntwerten, da kee Cumul an dat gëtt da sonner betruucht.

Nach eng lescht Remark zum Punkt vun der Madamm Modert, firwat dat Gesetz just punktuell geännert ginn ass. Ech mengen, u sech wollte mer guer keng Ännerungen maachen, well mir voll an der Émsetzung vun deem Gesetz sinn a bis dato nach keng gréisser Problemer bei der Émsetzung opgetaucht sinn.

Dës Gesetz ass, esou wéi de Rapporteur et scho viraus gesot huet, emol nach keng zwee Joer al. D'Publikatioun war den 3. August 2016. An et kann och net sinn, dass d'Baueren dat eent Joer x Ënnerstëtzung kréien an d'Joer drop y. Dës bitt keng Planungssecherheet an esou mécht een och keng Politik. Mir hunn ee gutt Gesetz an dës soll och weider esou bestoe bleiwen.

D'Madamm Modert hat nach eng Fro, wivill Betriber, déi konnten, bis elo eng Demande agereecht haten iwwert d'Kommerzialisatioun. An déi Donnéeë wäerte mer absolutt noreechen. Mir hate jo opgrond vun enger Interventioun vun der Madamm Hansen déi leschte Kéier an der Agrarkommissioun versprach gehat, dës Zuelen nozerechen. A mir wäerten dat jiddefalls maachen.

Wéi gesot, mir hunn dës Upassunge gemaach, well eben d'Installatioun vun de Jongbaueren an de Jongwënzer eng absolutt Prioritéit fir dës Regierung ass. An duerfir soen ech lech och elo Merci fir eng breet Ënnerstëtzung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7291 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7291 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Unanimité. Domat ass de Projet de loi 7291 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sëtzung ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 16.39 heures)